**Projet de loi portant approbation du Protocole additionnel de Nagoya - Kuala Lumpur sur la responsabilité et la réparation relatif au Protocole de Cartagena sur la prévention des risques biotechnologiques, fait à Nagoya le 15 octobre 2010**

**Här Präsident, Dir Dammen an dir Hären, Här Minister**

Ech soen der honorabler Lydia Mutsch – Merci fir hire schreftlechen an mëndleche Rapport.

Desse Projet de Loi befaast sech mat dem Zousatzprotokoll Nagoya – Kuala Lumpur vum 15. Oktober 2010 - an der Suite vum Cartagena-Protokoll iwert déi biologesch Secherhéet op dem Planéit vum 29. Januar 2000.

Wei schon ennerstrach, behandelt den Zousatzprotokoll e wichtegen Punkt vun der Biodiversitéit.

D'Erhalen vun der Vielfalt vun den geneteschen Ressourcen an den Ökosystemer, ass niewend dem Klimaschutz é vun den greissten Défien vun der internationaler Emweltpolitik.

Erlabt mir op eng rezent Etude vun der „Birdlife International Cambridge" vum Oktober 2012 hinzeweisen.

Do steet, dass den aktuellen Verloscht vun der **Biodiversiteit e puer Dossen Arten pro Dag** bedeit. An daat duerch di menschlech Aktivitéiten.

D'Wessenschaftler bekloen, dass desse Verloscht dé schlemmsten seit der Zeit vum Ausstierwen vun den Dinosaurier virun 65 Milliounen Joer ass.

Wa mir dessen nefasten Trend stoppe wellen, da missten mir där Etude no - ronn **57 Milliarden Euro pro Joer** an den Erhalt vun de Biodiversitéit investéieren.

Daat schengt muncher engem immens heich ze sinn, wa mir awer neischt ennerhuelen, dann dierften sech d'Joereskäschten an der Zukunft op 1500 bis 4500 Milliarden Euro belafen.

An déi hu mir nett!

Mat dessem Zousatzprotokoll gett d'Responsabilitéit fir d'Féler als e wichtegen Meilesteng an der weltweiter Ustrengung ugesinn, d'Liewensgrondlagen ze protégéieren.

Et ginn endlech Regelen fir den grenziwerschreitenden **Handel mat den gentesch modifizéierten Organismen** festgeluecht.

Esou erhalen d'Länner endlech dém international verbindlechen Usproch, dass fir meiglech Schied, dei hinnen duerch importéiert gentesch modifizeiert Organismen entstinn, d'Entreprisen am Hirstellungsland responsabel gemat ginn.

Virun allem erhalen d'Entwecklungslänner mei Rechtsecherhéet, do wou emmer méi der OGM ugeplanzt ginn.

Et ass festgeschriwen ginn, dass am Fall, wou duerch den Ubau vun den OGMen déi lokal Biodiversitéit e Schued erleid an domat eng Reduktioun vun der wirtschaftlecher Produktioun bei anere Sorten entstéet, daat betraffe Land e finanziellen Ausgleich verlange kann.

Sollten awer di Responsabel hir Verantwortung nett iwerhuelen, da kënnen d'Regiirungen aus de betraffene Länner dess Dépensen iwerhuelen. Die ginn dann de Verursacher a Rechnung gestallt.

E weidere wichtege Schrett besteet dodran, dass d'Länner, déi OGMen importéieren, Gesetzer erloosen, andém se d'Hirsteller vun OGMen verpflichten, eng Assurance geint d'Schied duerch OGMen ofzeschleissen.

Des weideren kann all Land op dei Informatiounen zereckgreiwen, dei de Cartagena-Protokoll den Hiersteller an den Autoritéiten operluecht huet.

An déem Zesummenhang ass et wichteg erfirzehiewen, dass eist Land sech duerch e Gesetzestext kloer geint den Ubau von OGMen ausgeschwat huet.an do sinn genuch Barrieren agebaut.

Mat dessem Ofkommen kennt et zou mei grousser Rechtssecherheet am Fall vun opkommenden Schied un der Biodiversitéit.

An dém Zesummenhang well ech nach erfirhiewen, dass d'Veréenten Natiounen den 22. Dezember 2010 beschloss hunn, d'Joeren 2011 bis 2020 zu der UN-Dekade vun der Bidodiversitéit ze erklären.

An daat op eng Ufro hinn vun der Konferenz zu Nagoya am selwecheten Joer.

Dat gesot, brengen ech den Accord vun der CSV-Fraktioun eran

an soen Merci fir d'Nolauschteren.